

DE BRÉIFDRÉIER

ZEITUNG VUN DER BRÉIFDRÉIESCHGEWERKSCHAFT



Editorial

Spären auf Kosten des Personals lohnt sich nicht

Froen un d'C.G.F.P.

Interview mam Romain Wolff an Steve Heiliger

Info

Bréifdréieschkongress 2017

Dringend
Zusätzliche
Briefträger
gesucht!



Home

L'assurance HABITATION nouvelle génération.
baloise.lu/home

 **Baloise**
Assurances

Sparen

auf Kosten des Personals lohnt sich nicht



Präsident
Raymond Juchem

Die Gemütslage der Brieffräger ist in den letzten Wochen in Dimensionen angekommen, die schwer erträglich sind, und falls die Lage sich nicht bessert, dann auch auf Dauer für ein Unternehmen ungesund sind. Die Anzahl der doppelten Rundgänge, in Verbindung mit Überstunden und zusätzlicher Belastung, sind in diesem Maße nicht länger zu verantworten. War die Lage in Bezug auf die doppelten Rundgänge Anfang des Jahres noch überschaubar, so ist sie in der momentanen Situation wochenweise in verschiedenen Verteilerzentren komplett aus dem Ruder gelaufen.

In Betracht auf das Wohlbefinden des Personals sollte man eine tägliche Organisation nicht so aufstellen, dass diese nur durch permanente Überstunden aufrecht zu erhalten ist. Die Problematik besteht zur Zeit vor allem darin, dass die betroffenen Brieffräger zu oft in einem kurzen Zeitraum aufgefordert werden, an doppelten Rundgängen teilzunehmen. Hier stellt sich demnach auch die Frage der Legalität dieser katastrophalen Situation. In diesem Kontext hat die Brieffrägergewerkschaft ein Rechtsgutachten angefragt und an die Direktion weitergeleitet. Wie sagte der Staatsminister bei der Rede zur Lage der Nation: Geht es dem Luxemburger gut, so geht es dem Land gut. Diesen Satz könnte man etwas umformulieren: Geht es dem Personal bei der Post gut, so geht es der Post gut.

Betrachtet man die Personalsituation bei Post Courier, so kann man das Wohlbefinden des Personals am Arbeitsplatz durchaus hinterfragen. Diese Frage kann man sich in Betracht auf möglichen Personalabbau, ständige Reorganisationen, zusätzliche Arbeiten, Überstunden sowie Schalterschließungen mittlerweile durchaus stellen. Sicher ist auch, dass nicht die Brieffrägergewerkschaft

dafür verantwortlich ist, dass die Personalsituation in Verbindung mit den doppelten Rundgängen derzeit viele Probleme mit sich bringt.

Dass die Stimmung bei den Brieffrägern derzeit nicht blendend ist, ist ebenfalls nicht unsere Schuld. Diese schlechte Stimmung hat sicher auch Auswirkungen auf die steigenden Krankmeldungen! Wir sind im Endeffekt auch nicht verantwortlich für die Rekrutierungspolitik und die daraus resultierenden Probleme, denn wenn es nach unserem Willen gehen würde, müsste die Anzahl der doppelten Rundgänge deutlich niedriger sein. Wenn man gesetzlich dazu verpflichtet ist, eine tägliche Dienstleistung auszuführen, dann sollte eben auch das nötige Personal innerhalb einer guten Organisation zur Verfügung stehen. Dies um den Urlaubsanfragen und den Krankmeldungen soweit als möglich Rechnung zu tragen. Wir sind derzeit in intensiven Gesprächen, um die Situation zu verbessern. Als BG sind wir uns durchaus bewusst, dass wir mit der Problematik des Rückgangs von Briefen und dem daraus resultierenden Verlust von Einnahmen konfrontiert sind. Hier besteht sicher Diskussionsbedarf, und es sollte im Konsens nach Lösungen gesucht werden, um die Zukunft gut überlegt vorzubereiten. Permanente Überstunden gehören demnach sicher nicht zu unseren Lösungsvorschlägen!

Wie angedeutet, hat diese Personalsituation zur Zeit nicht nur Konsequenzen auf das Wohlbefinden des Personals sondern auch auf die hochgelobte Qualität des Postunternehmens und dem sollte entgegengesteuert werden. In unzähligen Meetings hat die Brieffrägergewerkschaft auf diese Lage hingewiesen und auch vor gravierenden Problemen gewarnt. Bereitet die Postdirektorin etwa das Terrain für 2020 in Verbindung mit der noch nicht bekannten Neuregelung des service universel vor?

Im Interesse der Belegschaft wird die BG nicht nachgeben und auch weiterhin Druck ausüben, um die Situation in Bezug auf die Personalproblematik zu verbessern. Diesbezüglich werden seitens der BG, momentan mögliche gewerkschaftliche Aktionen diskutiert. Auch bezüglich der geplanten Schließungen im Réseau vente bleiben wir unserer Position treu, und sagen, dass die beabsichtigte Reduzierung von 63 auf nur noch 15 bis 20 Postbüros nicht dem Wunsch des Kunden entspricht, da diese Strategie im Endeffekt sicher Verschlechterungen für den Kunden beinhaltet (siehe auch den Artikel Réseau vente in dieser Ausgabe).

In einer parlamentarischen Anfrage über die künftige Strategie von Post Luxembourg, die der CSV-Deputierte Félix Eischen an Wirtschaftsminister Etienne Schneider (LSAP) stellte, machte der Minister leider keine Aussage darüber, wie viele Postbüros, und vor allem welche, noch geschlossen werden. Die eigentliche Frage blieb demnach unbeantwortet, obwohl postintern davon gesprochen wurde und auch längstens bekannt ist, dass im Endeffekt nur noch 15 bis 20 Postbüros übrigbleiben sollen.

Die Direktion sollte sich auch bewusst sein, dass es die Rolle der Briefträgergewerkschaft ist, auf korrekte Arbeitsbedingungen zu pochen, und dass es unsere gewerkschaftliche Pflicht ist, bei etwaigen Problemen hiergegen vorzugehen. Im Sinne aller sollten diese Probleme in einem korrekt geführten Dialog gelöst werden. Doch wenn dies nicht möglich ist, wird und muss die Gewerkschaft

im Endeffekt auch im Interesse des Personals handeln. Dies bezieht sich auch auf Strategien, die der Arbeitgeber eventuell ohne Rücksicht auf Verluste durchsetzen will. Auch hier hat die Gewerkschaft Interessen zu verteidigen, die naturgemäß nicht immer nach dem Geschmack der Postdirektion sind.

Man kann sich nicht auf Kosten des Personals und der Arbeitsbedingungen tot sparen!

Die Vergangenheit hat des Öfteren bewiesen, dass dieser Schuss nach hinten losgeht! Unsere Gewerkschaft ist immer bestrebt, Lösungen im Ausgleich zu finden und hat nicht die Gewohnheit, gleich auf Anhieb auf stur zu schalten.

Sollte es eine Strategie seitens der Postdirektion geben, die Gewerkschaft in die Enge zu treiben, so würde diese sich im Endeffekt nicht für das Unternehmen lohnen! In dem Fall würde es nur Verlierer geben! Vor diesem Hintergrund ist die Frage, wie es mit dem service universel nach 2020 weitergehen soll, äußerst relevant, da erhebliche Konsequenzen für Post Group und Post Courier zu befürchten sind. Auf diese Frage sollte es schnellstmöglich Antworten geben.

Wenn ich persönlich einen Blick in die nahe Zukunft der Briefträger und insgesamt von Post Luxembourg werfe, so bezweifle ich, dass das Schiff Post in den nächsten Jahren ruhigere Gewässer ansteuert. Deshalb sind die Berufsvertretungen sämtlicher Postlaufbahnen gefordert und bei ihrem Einsatz auf die uneingeschränkte Solidarität ihrer Mitglieder angeht.

**MATERIAUX DE CONSTRUCTION ▶ CARRELAGES ▶ SANITAIRE ▶ PORTES ▶ FENETRES
PARQUETS ▶ ALENTOURS ▶ DEPARTEMENT DE POSE DE CARRELAGES ET DE MENUISERIE
VISITEZ LES PLUS GRANDES SALLES D'EXPOSITION DU PAYS SUR 20.000 M²**



**Qualité,
service et expérience
depuis 1899**

**ROUTE DE BELVAL (GARE BELVAL-UNIVERSITÉ) ▶ B.P. 104 ▶ L-4002 ESCH-SUR-ALZETTE
TÉL.: 55 52 52 ▶ FAX MATÉRIAUX 57 02 97 ▶ FAX CARRELAGES 57 42 14 ▶ INFO@DECKER-RIES.LU ▶ WWW.DECKER-RIES.LU**

Briefträgerkongress:

Arbeitsbedingungen des Personals unzumutbar!

Am 25. März fand der Nationalkongress der Briefträgergewerkschaft in Walferdingen statt. Neben Politikern wohnten auch Vertreter der Postdirektion dieser alljährlichen Versammlung bei. Präsident Raymond Juchem legte in seinem Grundsatzreferat das Hauptgewicht auf die zunehmenden Doppelrundgänge und kritisierte, dass bis 2025 landesweit nur noch maximal 20 Postfilialen erhalten bleiben sollen.



Beim diesjährigen Nationalkongress der Briefträgergewerkschaft war die Politik durch die Abgeordneten Sylvie Andrich-Duval (CSV), Félix Eischen (CSV), Eugène Berger (DP) und Claude Adam (Grüne) sowie KPL-Präsident Aly Ruckert vertreten. Am Kongress nahmen ebenfalls Romain Wolff, Präsident der CGFP, Steve Heiliger, Generalsekretär der CGFP, Pascal Riquier, Präsident der Polizeigewerkschaft sowie Claude Strasser, Generaldirektor von Post Group und Hjoerdis Stahl, Direktorin von Post Courier, sowie Ehrenpräsident Eugène Kirsch teil.

Der Kongress wurde von Sacha Petulowa eröffnet, der die Ehrengäste begrüßte und ein Grußschreiben erwähnte, das die KPL an die Teilnehmer des Kongresses gerichtet hatte.

Die Leitung des Kongresses oblag Claude Schroeder, Präsident, Arsène Degrott, Sekretär und den Mitgliedern Manette Gremling sowie Marco Bartz.

In seiner Grundsatzrede kritisierte Präsident Raymond Juchem vor allem die Überlastung des Briefträgerpersonals und den Umstand, dass wegen der Unterschiedlichkeit der Laufbahnen die Leute für die gleiche Arbeit unterschiedlich bezahlt werden. Dies bezieht sich vor allem auf die in den Augen der BG zu niedrigen Löhne der Salariatsarbeiter. Auch die vielen

Doppeltourneen und damit verbundenen Überstunden sind der Gewerkschaft ein Dorn im Auge. Hier werde die Gesundheit der Leute aufs Spiel gesetzt.

Auswirkungen auf Servicequalität und Gesundheit

In der Frage der sich häufenden Zahl der doppelten Rundgänge wies der Gewerkschaftspräsident auf den akuten Personalmangel hin, wobei ihm besonders die Servicequalität, die Arbeitsbedingungen, die Gesundheit, die Arbeitsverträge und die Löhne am Herzen lagen. Im Vorjahr mussten die Briefträger aufgrund von permanenten Personalmangel bis zu 800 doppelte Rundgänge absolvieren.

Raymond Juchem stellte die Legalität der Überstunden im Zusammenhang mit dem Staatsbeamtenstatut in Frage, befasste sich mit den Problemen im Verteilerzentrum Bettemburg und der wachsenden Unzufriedenheit über die zu hohe Zahl der doppelten Rundgänge.

Schließung von Postbüros.

Hier müssten sämtliche Karten auf den Tischgelegt werden und der Staat müsse mit Blick auf die Steuerzahler und als größter Aktionär der Post seine Verantwortung übernehmen und flächendeckend hochwertige Dienstleistungen gewährleisten.

Von einst 97 Postfilialen wurden 2016 bereits 35 geschlossen. Bis 2025 sollten nur mehr maximal 20 davon übrig bleiben. Ein Postshop/Point POST an einer Tankstelle sei eben nicht das gleiche wie ein Postbüro, in dem über Jahre hinweg gut ausgebildete Beamten arbeiten. Für die Kunden ist das auch von Nachteil, weil sie



sich für verschiedene Postdienstleistungen zu mehreren Post- oder Verkaufsstellen bewegen müssen, so dass es für sie aufwändiger werde. Deshalb forderte er eine klare Aussage noch vor den Gemeindewahlen, wie es mit dem Filialnetz weitergehen soll. Zu den ungleichen Löhnen in der Briefträgerlaufbahn, wo es neben den Staatsbeamten die unter Kollektivvertrag stehenden Postboten oder die von der Adem abgestellten Mitarbeiter gibt, sorgte sich der Präsident um die Spannungen, die solche prekären Situationen in Bezug auf die Löhne hervorrufen. Erforderte gerade deswegen, dass die Briefträgergewerkschaft bei den nächsten Kollektivvertragsverhandlungen mit am Tisch sitzt. An die Grundsatzrede des Präsidenten schlossen sich der Aktivitätsbericht von Generalsekretär Carlo Rovatti, der Kassenbericht durch Sacha Petulowa, welcher den krankheitshalber fehlenden Kassierer Streff Pit vertrat, gefolgt vom Bericht zur Kleidermasse von Roland Wolff an.

Roland Wolff ging dabei auf die letztes Jahr von der Direktion veranlasste personelle Umstellung in der Kleidermasse ein, eine Lösung, die im Endeffekt aber für manche Probleme sorgte. Er kritisierte, dass nicht alle den Beanstandungen der Briefträgergewerkschaft wirklich Rechnung getragen wurde. Roland Wolff ging dabei ausführlich auf das neue System der Berufskleidung ein, welches aber noch in vielem nicht zufriedenstellt. In diesem Sinne sprach er sich für einen besseren Dialog zwischen Direktion und Personal aus.

Auf Empfehlung der Kassenrevisoren Henri Leyers, Dan Stranen, Norbert Neumann und Julien Wagner wurde der Kassenbericht ordnungsgemäß angenommen.

In der freien Diskussion auf dem Kongress kamen u.a. die Auswirkungen der doppelten Rundgänge, die Arbeitsüberlastung an einzelnen Tagen sowie der Umgangston eines einzelnen Vorstehers zur Sprache.



La Riviera

Restaurant Pizzeria

1a, route de Luxembourg
L-7240 Bereldange
Tél.: 33 74 14
Fax: 33 74 16

Vaste parking

La Riviera

Vous accueillez dans un cadre chaleureux pour sa cuisine Italienne et française.

Salle pour banquets, communions, baptêmes, ect.

Der Briefträgerkongress

im Spiegel der Presse

„Alle in einem Boot“ – Bréifdréieschgewerkschaft fordert mehr Mitbestimmung – Überstunden ein großes Problem. (...)“

„Post-Generaldirektor Claude Strasser und Hjoerdis Stahl, die Direktorin von Post Courier mussten sich am Samstag beim ordentlichen Kongress der Bréifdréieschgewerkschaft in Walferdingen einiges vom Präsidenten Raymond Juchem anhören. Die Briefträger sind nämlich alles andere als zufrieden mit der derzeitigen Organisation der Briefpost und der Zeitungsauslieferung, die ein hohes Pensum an Überstunden mit sich bringe. Allein 2015 seien im gesamten Post Group 76.034 offizielle Überstunden geschoben worden, davon 45.173 im Briefdienst, schreibt Juchem im Leitartikel der Gewerkschaftszeitung ‚De Bréifdréier‘. (...) Juchem appellierte in diesem Kontext auch an die Verantwortung des alleinigen Post-Aktionärs Staat. (...) Dieser Umstand und die Zusatzbelastung für das Personal würden vom Management ‚völlig unterschätzt‘, meint Raymond Juchem, der Neueinstellungen forderte, um eine normale Organisation zu ermöglichen. Wir werden das Gefühl nicht los, dass der schwierige Briefträgerberuf nicht den nötigen Stellenwert bei der ‚Post Courier‘-Direktion hat‘, wetterte der Gewerkschaftspräsident und unterstrich, dass ein Rückgang des Briefpostvolumens von sechs Prozent dessen finanziellen Impact auf das Unternehmen man nicht bestreite – nicht sechs Prozent weniger Arbeit bedeutet.“

Journal, 27.03.17

„D’Postpersonal gött ausgepresst wéi Orangen“

„Eigentlich versucht die Bréifdréieschgewerkschaft immer, Probleme am Arbeitsplatz im Dialog mit der Direktion des Postunternehmens zu lösen. Aber die Verschlechterung der Arbeitsbedingungen hat sich infolge der vielen Überstunden und doppelten Rundgänge dermaßen verschlechtert, dass der Präsident des Briefträgerverbandes Raymond Juchem auf dem Gewerkschaftskongress am 25. März in Walferdingen scharfe Kritik übte. Bereits im Vorfeld des Kongresses hatte das Informationsblatt der Gewerkschaft, De Bréifdréier, daran erinnert, dass allein im Jahr 2015 sage und schreibe 76.304 Überstunden anfielen, davon 45.173 Stunden im Bereich Post Courier.“

Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek, 28.03.17

„POST – Die Briefträgergewerkschaft blickt sorgenvoll in die Zukunft“

„Noch 15 Postfilialen – ‚Auf einem Personalmeeting Ende des Jahres 2016 wurde uns mitgeteilt, dass im Zuge der Strategie 2025 nur noch 15 Postfilialen im ganzen Land übrig bleiben sollen‘, legt Raymond Juchem gegenüber dem Tageblatt offen. (...) Klare Aussage gefordert: Wie es aber genau mit der Post weitergehen soll und wie genau der Filialabbau weiterschreiten soll, sei aber der Gewerkschaft noch nicht klar. Wir brauchen eine klare Aussage zu dem, was kommt‘, fordert Juchem. (...) Nebst den Sorgen um die bange Zukunft der Filialen bereitet auch die Personalsituation der Gewerkschaft Kopfzerbrechen. Bedingt durch nicht genügend Personal müssten die Briefträger eine große Zahl an Überstunden in Kauf nehmen. Fast jeder mache Doppelschichten. Zwischen 700 und 800 doppelte Auslieferungstours mussten die Briefträger im ganzen Land stemmen. (...) ‚Es gibt viele Probleme, über die sich die Briefträger momentan beschweren. Beispielsweise werden sie teilweise auf Routen geschickt, die sie eigentlich gar nicht kennen. Darunter leiden auch die Kunden und die Servicequalität‘, erklärt Juchem. Außerdem leide das Privatleben der Angestellten ungemein unter den aktuellen Arbeitsbedingungen. ‚Hier hat auch der Staat als Hauptaktionär der Post eine Verpflichtung gegenüber den Angestellten, um die Situation zu entlasten.“

Auch an dieser Stelle griff Raymond Juchem die Personalpolitik der Post an. Anstatt auf Interim-Arbeiter zurückzugreifen, solle die Post endlich mehr Personal einstellen. Nur so könne auch die Qualität der Arbeitsbedingungen dauerhaft gesteigert werden. Seine Kritiken und Vorwürfe galten nicht nur der Postdirektion, auch der Staat als Hauptaktionär müsse seiner Pflicht nachkommen und den Bürgern eine bestmögliche Dienstleistung gewährleisten.

Tageblatt, 25.03.17 und 27.03.17

« La qualité du service impactée »

« Qualité du service et bien-être au travail, voilà quelques-uns des thèmes autour desquels la Bréifdréieschgewerkschaft avait axé son congrès le week-end dernier (...) Depuis la fermeture annoncée de 35 bureaux de poste sur 97 à travers tout le pays, Raymond Juchem, qui rappelle s’y être catégoriquement opposé depuis le

début, constate une ,dégradation pour tous les clients'. Le service effectué dans les stations d'essence ou les supermarchés où Post a décidé de transférer certaines opérations, ne serait pas comparable avec celui rendu par le fonctionnaire formé auquel, en principe tous les clients auraient droit. Par ailleurs, la faible fréquentation qui a servi d'argument pour la suppression de certains

bureaux de poste pourrait très bien ne plus valoir, si les fermetures se poursuivaient à l'avenir. L'affluence pourrait alors être plus grande et la charge de travail plus importante pour l'employé individuel, comme le donne à penser le président du syndicat. »

Le Quotidien, 27.03.17



Info

Ab Juli befinden sich die Gewerkschaftsbüros der Briefträgergewerkschaft in neuen Lokalitäten.

Die neue Adresse ist die folgende:

12 rue d'Epernay

L-1490 Luxembourg

Kontaktinformationen:

Homepage : www.breifdreier.lu

e-mail : secretariat@breifdreier.lu

Tel : 481406

Öffnungszeiten des Gewerkschaftsbüros:

Dienstag von 13.00-17.00

Mittwoch von 08.00 bis 12.00 u. 13.00 bis 17.00

Donnerstag von 13.00 bis 17.00

Freitag von 08.00 bis 12.00



Nouveau Trike

Un nouveau Trike est en mode de test au CD Luxembourg. Le Paxter comme le constructeur l'a nommé, semble être d'après les facteurs qui l'ont testés est une sérieuse alternative à la voiture, mais seulement dans différents quartiers.

Le seul problème est le poids que le Paxter peut charger. Un surpoids de 200 kg max. est autorisé, cependant avec le poids du conducteur inclus!

Les jours avec beaucoup de publicités (I-Mail et autre), des problèmes en relation avec la charge maximale sont programmés d'avance!

Affaire à suivre!

LIGHTENING UP YOUR LIFE SINCE 1991



 CRÉMANTS
POLL-FABAIRE
LUXEMBOURG



poll-fabaire.lu

Ried vum President

Nationalkongress vum 25. März 2017



D'lescht Joer, wou ech hei um Podium stoung, do hat ech ugedeit, dass mir als Gewerkschaft eis Mëllech ginn hunn, an dofir an Zukunft bei verschiddenen Dossieren net méi esou séier Jo wäerte soen.

Dat war dann och de Fall, an dowéinst sinn ech der Meenung, dass den Dialog mat der Direktioun vu Post Courier leider net méi deen ass, wéi et ugangs vu menger Amtsperiod nach de Fall war.

Ech hat och schon d'lescht Joer gesot, dass ech mir als President vun der gréisster Postgewerkschaft net virschreiwelosse, wat ech ze soen hunn.

Ech hoffen a wënsche mir, dass déi onglécklech Situatioun, wéi se elo rezent bei Post Courier virkomm ass, just en eemolegen Ausrutscher war.

Als Bréifdréieschgewerkschaft, an dat betrëfft am allgemengen awer all d'Gewerkschaften bei der Post, hu mir an dëser gréisster Lëtzebuerger Entreprise en eminent wichtige Rôle ze spillen.

Mir suergen u sech fir e gesond Gläichgewicht, a mir sinn do fir de Patron drop hinzeweisen: bis dohin a net wieder, well soss riskéiert et zu soziale Konflikter ze kommen, déi am Fong sollte verhënnert ginn.

Dat huet u sech bei eis op der Post bis dato dann och ganz gutt geklappt.

Déi gewielte Gewerkschaftsvertreeder, an ech gi net midd dat ëmmer erëm ze soen, solle sech awer bewusst sinn, dass si de verlängerten Arm vun hire Membere sinn.

E Gewerkschaftler ass numol kee Manager.

Ech géif de Kongress vun haut dann och, wéi iwwregens eis Sloganen et schon undeiten, ënnert de Motto „Bien-être au travail“ a „Qualité de service“ setzen.

Desweidere soll een dem Staat säi Rôle an deem Kontext net vergiessen.

De Staat als gréissten Aktionär huet an eisen Aen dowéinst nun emol eng gréisser Responsabilitéit, an och mir als Bréifdréieschgewerkschaft sinn der Meenung, dass de Bierger e beschtméiglech funktionnéierende Service mat enger maximaler Qualitéit ugebuede muss kréien.

Dat muss och d'Maxime sinn, no där d'Post an Zukunft an deem liberaliséierte Marché, an deem mir ons jo schon zënter Joere befannen, funktionnéiere soll.

Wéi seet de Richard Branson, dee jo secher ville Leit e Begrëff ass: „Clients do not come first ... employees come first ... if you take care of your employees, they will take care of the clients.“

Woumat alles gesot ass.

Mir als Gewerkschaft sinn dermat konfrontéiert, dass eis Membere sech ëmmer erëm bei eis beschwéieren, well si duerch di bestehend Personalpolitik an esou munnech Stresssituatioun geroode an lwwerstonne musse maachen

Mir sinn dann och kategoresch dergéint, dass d'Unzuel vun den lwwerstonnen an dësen zwee Reseauen nach wieder an d'Luucht ginn.

Au contraire, an eisen Aen, an eiser Meenung no och vu Patronatssäit aus, muss d'Ziel sinn fir dës lwwerstonnen ze reduzéieren, dat awer ouni d'Aarbechtskonditiounen ze verschlechteren.

Esou wéi d'Situatioun elo momentan um Terrain ass, ginn hei zwee Reseauen um Lafe gehal, an dat duerch eng Organisatioun, wou ganz vill lwwerstonne prestéiert ginn.

Hei stellt sech d'Fro vun der Legalitéit, wann een als Patron dës lwwerstonnen bewusst a Kaf hëllt.

Mir hunn eis Bedenken, ob bei Post Courier an dësem Kontext alles korrekt duerchgefouert g'eett, well dëles korrekt duerchgefouert ger an dinn.

e seet, dass just lwwerstonnen an Ausnahmefäll dierfe

gemaach ginn, an d Sëtt, well dës Situatioun, wéi se um Terrain applizéiert gëtt, eiser Meenung no eben net als cas exceptionnel kann duergestallt ginn.

Zevill Iwwerstonnen hu souwisou och eppes mat der Qualitéit an och mam bien-être ze dinn.

Am Zeitungsreseau si mir u Conditiounen gebonnen, an de Client an den Editeur hätten nun emol gäer, dass d'Zeitung mueres, ir een op d'Aarbecht geet oder um Kaffisdësch sëtzt, an der Boîte soll leien.

Engersäits steet néirens geschriwwen, dass d'Post verflucht ass, dem Client de Courier mueres ze bréngen, mee op der anerer Säit ass dat awer och e Qualitéitscritère, deen d'Post d'office sollt respektéieren

An dee Kontext passen déi rezent Diskussiounen iwwert déi nei Tarificatioun am Secteur vu Post Finance.

Mir sinn ons bewusst, dass dëse Secteur op der Post déck defizitär ass, an dass een och wéint de niddregen Zënsen an dësem Secteur nach wäit dervun ewech ass, an et och sécher schwéier wäert ginn, fir an Zukunft käschtedeckend oder profitabel ze schaffen.

Di ganz Strategie bréngt awer vill Problemer an Onkäschte fir Leit, déi schon um Existenzminimum liewen, dat soll ee net vergiessen!

Mir als Post si verpflichtet, all Client e Bankkont opzemaachen.

Rout Zuelen an engem Betrieb sinn ëmmer eng Gefor fir de Personalbestand an d'Aarbechtskonditiounen.

Wéint dëse Grënn gesi mir dës Diskussiounen och deelweis aus engem anere Bléckwénkel wéi esou muencher een an de leschte Wochen.

Mir als Gewerkschaft kritiséiere virun allem awer, dass den Extrait op der Post och elo payant gëtt.

Dës Mesure féiert secher derzou, dass de Courier wäert zréck goen an aner Institutiounen wäerte nozéien resp. nach méi restriktiv Léisungen fir de Client a punkto Extraiten ubidden.

Als Post Courier beschwéiere mir ons awer zanter Joeren, dass de Courier réckleefeg ass.

Mir setzen dann elo mat dëser onglécklecher Mesure e

Modell en place, fir dass de Réckgang vum Courier bei der Post wahrscheinlech nach méi séier wäert goen.

Dës Mesure ass an eisen Aen demno fir de Beräich Post kontraproduktiv a schaaft an Zukunft Problemer, déi eventuell e negativen Impakt fir d'Bréifdréier wäerten hunn.

Ech kommen dann awer op d'Problematik vun den Iwwerstonnen a Relatioun mat enger zweeter Tournée am Nomëtten bei de Bréifdréier zréck.

Bei dëser onzefriddestellender Situatioun kënn dacks de Problem derbäi, dass eis Leit an dës 2. Tournée geschéckt ginn, ouni jemols och nëmmen een Dag an dësem Quartier gewiescht ze sinn, oder op dem Casier, wou d'Tournée klasséiert gett, geschafft ze hunn.

Dat ass da net evident.

Esou eng Aarbechts-Art a Weis féiert nämlech indirekt derzou, dass de Management bewusst eis héich geluewte Qualitéit, déi mir als Bréifdréier all Dag solle bréngen, ouni weideres op d'Spill setzt.

D'Konsequenze si nämlech méi Reklamatiounen vun de Clienten.

Déi Cheffen, déi dat elo scho joerelaang decidéieren, ënnerschätzen di Situatioun komplett.

Si sollten dat emol virmaachen an am Zäitdrock vun de maximal 10 Stonnen, mat eventuell enger duebeler Tournée, an da nach bei deem dacks schlechte Wieder, déi schwéier Aarbecht maachen!

Dann hätte se vläicht eng aner Approche.

Eis Exekutiv diskutéiert elo scho joerelaang mat der Direktioun iwwer dës Problematik, ouni awer nëmmen een Zentimeter weider komm ze sinn.

Bis haut huet nach kee vum Management, wat de néidegen Apprentissage vun enger duebeler Tournée ugeet, awer och nëmmen eng eenzeg produktiv Iddi op den Dësch bruecht.

An deem Kontext soll a muss een och op d'Chomagezuelen hei zu Lëtzebuerg hiweisen, resp. nach eng Kéier Rekrutementer iwwert den Häerebiereg undenken, wou mir iwwregens nach op eng Stellungnahm vum Minister waarden.

Alles dat huet eben och mat der Qualitéit an dem bien-être au travail ze dinn.

Et ass keng einfach Situatioun, wanns de als Bréifdréier esou muss schaffen!

Vill Bréifdréier ginn an der momentaner Situatioun mueres bei eis op d'Aarbecht mam Gefill: muss du haut erëm Iwwerstonne maachen.

Et ass net evident, wanns de mueres em 4.30 Auer opstees, an dann an eng 2. Tournée gees, fir duerno um 16.00 Auer heem ze fueren.

Dat Ganzt bei dene net agreable Wiederkonditiounen a mat deenen Tonne vu Pobeier an etleche Kilometeren, déi's du an dësem schwéiere Beruff Dag fir Dag muss verschaffen.

D'Bréifdréier hu nieft der Post och nach e Liewen a si hunn d'Recht dernieft och kënnen hir Zäit plangen.

Egal op dat familiär, sportlech, politesch, sozial oder soss Aktivitéiten sinn, et gëtt e Privatliwen, an do huet d'Post eis nun emol näischt virzeschreiwen, an dat Privatliwen dann och ze respektéieren.

Och wann esou munnecher dat einfach net wëll agesinn.

Et ass natierlech einfach ze soen, déi hunn et gutt, wann ee net all Dag dës relativ ustrengend kierperlech schwéier Aarbecht mécht.

Wann een e Bléck iwwert d'Grenze gehäit, dann ass d'Situatioun bei der Post iwwerall di selwecht.

D'Postpersonal gëtt op Grond vun dem liberaliséierte Marché an den domat verbonnene schwierge finanzielle Konditiounen ausgepresst wéi Orangen bis guer kee Jus méi dran ass.

Mir sinn awer hei zu Lëtzebuerg op der Post Gottseidank nach net an esou enger katastrophaler, an zum Deel dramatescher Situatioun wéi d'Personal am Postberäich et am Ausland verspiert.

Mee et gesäit een awer, och am Ausland hunn d'Bréifdréier keen héijhe Stelleväert, well d'Direktiounen esou Situatiounen bewosst a Kaf huelen.

Dofir dann och schon eng richtungsweisend Ausso: mir als Bréifdréieschgewerkschaft wäerten op kee Fall zou-

lossen, dass et och hei zu Lëtzebuerg mat de Bréifdréier an esou eng dramatesch Richtung steiert.

Et ass och esou, dass bal all Bréifdréier, deen haut a Pension geet, kierperlech ugeschloen ass, an esou munnech Operatiounen hannerun sech huet.

Dat ass eng Tatsaach an dat huet seng Grënn.

An eiser leschter Zeitung si mir op d'Schwieregkeete vun eisem Beruff agaang.

Wann d'Postdirektioun mat Recht ëmmer vu beschtméiglecher Qualitéit schwätzt, da muss een och eppes dran investéieren.

D'Qualitéit huet och eppes mat der Formatioun ze dinn.

Formatioun kascht Suen, wann een dat reng op d'Situatioun bei Post Courier fokusséiert, da gehéiert eben och derzou, dass dat néidegt Personal do ass fir dës Formatioun kënnen ze garantéieren, an et kann ee net alles iwwer Iwwerstonne geréieren ouni dës wichteg Formatioun korrekt op d'Bee wëllen ze stellen.

Mir, a vill vun eise Leit, gin dat Gefill och net lass, dass de schwéiere Beruff vum Bréifdréier net de néidege Stellenwert bei der Direktioun vu Post Courier huet.

D'Leit um Terrain kréien esou lues d'Gefill, dass alles drop erausleeft, fir am Courier Aarbechtskonditiounen ze schaafen, fir dass d'Leit méi onzufriede sinn, also kee bien-être au travail verspieren.

Mir verlaange just, dass déi alldeegelech Aarbecht an engem gutt organiséierten Umfeld soll stattfannen, eben an engem Klima vum bien-être au travail.

Ech weess och, dass do esou Munneches an d'Wee geleet soll ginn a scho gouf, mee ech bezweifelen awer, dass de bien-être au travail fir jiddereen op der Post dee selwechte soll sinn.

Dozou zielen ech iwwregens och de respektvollen Emgank vun de Cheffen op den eenzelne Bureauën mat de Leit.

D'Situatioun um Terrain léisst vill Froen opstoen.

Mir schwätze bei Post Courier d'lescht Joer vun engem Réckgang vu bal 6 %, an hunn dee Verloscht awer duerch di nei Tarificatioun opgefaang.

Dëse Réckgang vum Courier ass e Problem an huet e finanziellen Impakt, an dat bestreide mir och net.

Et ass awer och eng Tatsaach, dass 6 % manner Courier net och 6 % manner Aarbecht bedeit.

Dat kann ee weder bei de Bréifdréier am Aussendéngscht, nach bei eise Leit am Innendéngscht esou soen.

Dofir si mir kategoresch dergéint, dass dës finanziell Situatioun doduerch ausgeglach soll ginn, dass eventuell dru geduecht gëtt, fir den Desequilibrium duerch manner Personal an duerno mat méi Iwwerstonnen opzefänken.

De Rumeure no ass e gudde Chef een, dee vill Affaires disciplinaires schreift, d'Leit vrun d'Dir setzt, ëmmer erëm e katastrophalen Emgangstoun mam Personal huet, a wou Salarieen opgrond vun hirem Statut fäerten, fir nach iergendeppes ze soen.

All Mënsch heibanne weess, wéi dat gemengt ass.

Alles dat huet iwwregens och en Impakt op de bien-être au travail.

Et gëtt jo dann dee faméisen Accord P01, dee 2011 mat der Direktioun vun der Post, dem deemolege Minister Krécké, dem President vum Conseil d'administration an der Gewerkschaft ausgehandelt ginn ass.

Mir als Gewerkschaft sinn deemols am Intressi vun eiser Entreprise mat op de Wee gaang, fir d'Salariat an eiser Carrière anzeféieren.

Mir ginn haut wéint deem Zougständnes nach ëmmer vun eenzelne Leit attaquéiert.

Eis deemoleg Zousou huet en Impakt op eis Memberszuelen, also indirekt op d'Iwwerliewe vun der Bréifdréieschgewerkschaft....

En Accord ass en Accord, an et soll een op kee Fall vergiessen, dass dësen Accord mat sech brecht huet, dass Post Courier haut trotz den däischtere Prophezeiungen vill besser do steet, wéi et virausgesot gouf.

Ech kommen net derlaanscht fir e puer Wuert iwwert den Tri vu Betebuerg ze verléieren.

Do muss d'Qualitéit den A an den O vun allem sinn.

Den Tri, de jo d'Häerz vu Post Courier ass, a wat den Epizentrum vun der Qualitéit am Courier muss sinn, dee

muss beschtméiglech funktionnéieren.

Zwee geschloner Joeren schwätze mir a Reuniounen elo iwwert d'Problemer, déi bis haut zum Deel net geléist sinn.

Zënter dem Dezember ass e neie Responsabelen am Tri, an et ass rezent do jo och e neien Organigramm opgestallt ginn.

D'Responsabilitéite sinn elo deelweis aanescht opgedelt ginn fir am Endeffekt méi performant ze schaffen.

Elo gëtt et also keng Excuse méi, a mir fuederen, dass eis Problemer séier geléist ginn.

Mir si mat op de Wee gaang fir dass eis Leit méi flexibel agesat kënnen ginn.

Dës Flexibilitéit dierf awer an Zukunft net op méi flexibel Auerzäiten erauslafen.

Mir schwätzen elo zwee Joer iwwert net gut funktionnéierend d'IT-Material, iwwer korrekt ergonomesch Material am ganzen Tri.

Bis haut ass awer an deem Beräich net vill geschitt.

En anere Problem ass dee vun den Effektiver am Tri. Permanente Wuesstëm bei de Colisën, Wuesstëm bei den Aschreiwebréiwer resp. den Recommandeeën aus Asien, Organisatioun vu neie Servisser beim Pickup24, dee jo och permanent evoluéiert, J+0-Regel, déi fir ëmmer méi Stresssituatiounen suert, nei Reglementatiounen bei der Douane, wat och esou munnech nei Aarbechte mat sech bréngt.

Alles dat sinn Aarbechten, déi an de leschte Joeren derbäi komm sinn oder enorm gewuess sinn.

D'Effektiver sinn dëser Situatioun leider net ugepasst. Au contraire.

E grouse Problem ass awer deen, dass den eminent wichtegen Apprentissage, a Relatioun mat der alldeelecher Organisatioun am Tri, net korrekt ka gemeet ginn.

Grad am Tri, wou op eenzelne Chantierën vill Wësse verlaangt ass, ass et nun emol wichteg, dass d'Leit gutt forméiert ginn.

Dësen Apprentissage garantéiert eng héichwäerteg Qualitéit, déi mir jo wëllen a mussen ubidden.



An eisen Aen ass et och net gutt, fir zevill op den Interim zréckzegräifen.

Léiwer eng Kéier an de sauren Apel bäissen an e puer Leit méi astellen, mat der Konsequenz fir di bestehend Problemer méi séier ze léisen, a mam Resultat fir duerno besser ze funktionnéieren.

Mir kënnen eis net dout spueren, an dat op Käschte vum Personal a Relatioun mat den Aarbechtskonditiounen.

Ech kommen dann op de Réseau vente ze schwätzen.

Do ass jo zënter den offiziellen Aussoen aus dem Hierscht 2016 bekannt, dass dës Réseau bis spëtstens 2025 just nach aus 15 méi moderne Postbureauë soll bestoen.

Mir ware vun Ufank u géint dës Schléissunge mat enger Reduzéierung op nach 15 reng Postbureauën a mir haten an hu nach ëmmer aner Virstellungen.

Et wir am Virfeld vun den dësjähre Gemengewalen duerchaus intressant, wa matgedeelt géif gi, wat fir eng Postbureauën et da schliesslech sinn, déi nach zouge-meet solle ginn.

Wéi gesot, mir si géint dës radikal Schléissungen op nach e Rescht vu 15 Postbureauën

Méi Bureauen, méi a besser Formatioun fir eis Leit an eng méi grouss Produktpalette, dat wir eiser Meenung no méi sënnvoll.

Dat géif bei de Bierger an och bei de Gemenge secher besser ukommen, wéi eng radikal Schléissung vun hirem Postbureau mat engem gutt ausgebildene Guichetier.

Ech bleiwen och haut nach ëmmer bei der Positioun,

dass e forméierte Guichets-Beamten vun der Post e Qualitätscritère ass, deen een eise Postclientën muss bidden.

En Tankstellenaarbechter oder e Vendeur an engem grouse Supermarché ka net de selwechte qualitative Service ubidden, wéi e forméierte Postier.

Dat ass eng Tatsaach.

Dat huet och mam Erscheinungsbild vun der Post ze dinn.

Mir sinn eng Marque, an de Numm Post huet e Qualitätslabel, wou awer secher op Plaze nach Verbesserungsbedarf besteet.

De Contraire wir kontraproduktiv a schued dem Image vun der Post.

Dës Strategie ass definitiv eng Verschlechterung fir de Client, och wann eise Minister an d'Direktioun ëmmer erëm de Contraire behaupten.

Mir hu misse no Alternative sichen, eis zwee grouss Partner, de Cactus a Raiffeisen, sinn an deem Fall och di richtig Partner a kënnen d'Post no vir bréngen.

Mir hunn an deem Kontext awer aner Vistellungen, an et ass secher och nach Verbesserungsbedarf do.

Eng radikal Schléissung dréit awer net zur Zufriedenheet vun de Bierger a Gemenge bäi.

Dës Schoss riskéiert no hanne lass ze goen.

Et wir also un der Zäit, och en vue vun dës Gemengewalen 2017, fir d'Kaarten op den Dësch ze leeën an en eierlechen Dialog ze sichen, an eventuell muss d'Post dann och e bësse Waasser an hire Wäin schëdden.

D'Gewerkschaften hunn dat op jidde Fall gemaach.

D'Post allerdings huet nach héichprozentge Wäin, dee secher nach vill Waasser verdréit.

An deem Kontext muss een och de Service universel uschwätzen.

D'Post muss bis Enn 2019 fënnef Mol an der Woch d'Distributioun vum Courier garantéieren, also all Wochendag.

Wat geschitt am Joer 2020?

Gëtt dëse Service universel nach eng Kéier verlängert, a wa jo, a watfir enger Form?

Et wir op jidde Fall am Intressi vun de Bierger.

Bei den Diskussiounen doriwwer misst nach eng Kéier d'Fro opgeworf ginn fir de Réseau Guichet/vente iergendwéi mat an de Service universel anzepaken.

No der Fermeture vu Bureauën wir dat duerchaus ubruecht.

De Staat als Haaptaktionär huet eng Responsabilitéit, well am Endeffekt bezillt de Bierger nach ëmmer vill Steieren fir e qualitativ héichwäertege Service ugebueden ze kréien.

D'Zielsetzung dierf an deem Fall also net sinn, fir eng maximal profitorientéiert Strategie ëmzesetzen, an dat ouni dass een d'Belaanger vum Personal an d'Bedürfnësser vun de Bierger aus den Ae verléiert.

Da kommen ech nach op di eenzel Accords salarialen aus dem leschte Joer ze schwätzen.

Do felicitéieren ech der CGFP mat dem Romain Wolff un der Spëtzt nach eng Kéier fir déi Aarbecht, déi si an de leschten zwee Joer a Relatioun mat dësem Accord gelescht hunn.

Dat war d'Gehälterrevisioun vum Oktober 2015 an elo rezent de Accord salarial.

Dës Accorden hunn esou munnech finanziellen Avantage fir d'Personal beim Staat, also de facto och bei der Post mat sech bruecht.

Di meescht Leit haten domat net gerechent, an dofir e grouse Merci, a macht esou weider!

En aneren, net ze ënnerschätzende Problem ass awer dee vum Salarat bei eis op der Post.

Déi falen jo net ënnert déi ausghandelt Accordën vun der CGFP.

D'Loundifferenz tëscht den eenzelne Statuter bei eise Memberen, wou d'Leit awer di selwecht Aarbecht maachen, gëtt ëmmer mi grouss.

Aparti beim Personal aus den ënneschte Carrièren, dat mir als Gewerkschaft jo och vertrieeden, entstinn um Terrain munnech Problemer.

Bei de Salarieëen ass am Juni och e neie Kollektivvertrag negociéiert ginn, ouni dass awer e Vertrieeder vun der Bréifdréieschgewerkschaft mat um Dësch souz.

Dat ass e Problem, an och wann d'Gesetzgebung u sech net virgesäit, dass mir dës Conventioun ënnerschreiwen, ass d'Situatioun awer déi, dass mir vill dier Persoune vertrieeden an dofir och den Usproch hunn fir matzeschwätzen.

Am Endeffekt ass et nämlech egal, wie wat duerchgesat huet, well et geet ëm eng Saach, an zwar besser Lounkonditiounen fir d'Personal.

Déi aner Salariatsgewerkschaften wëllen an dierfen – wat och berechtigt ass – mëttlerweil iwwerall an eise Versammlungen, déi mir als Bréifdréieschgewerkschaft ufroen, mat um Dësch setzen.

Déi logesch Konsequenz misst sech do vum selwen erginn.

